# De Lycée Ermesinde mécht seng Diere grouss op

## Portes ouvertes den 1. Februar an den 29. Mäerz 2014 zu Miersch




Interesséierter ginn den 1. Februar alles iwwer de Lycée gewuer

Foto: F. Aussems

**MIERSCH** De Lycée Ermesinde weist sech den 1. Februar an dann nach eng Kéier den 29. Mäerz vu senger beschter Säit: Op dësen zwee Deeg ginn d'Diere vun 9.00 bis 17.00 grouss opgemaach fir interesséiert Visiteuren. Während Informatiounsversammlunge ginn déi kënfteg Schüler an hir Elteren iwwer all d'Particularitéite vum Lycée a seng pädagogesch Approche informéiert. Zwëschen 11.00 a 14.00 stinn och nach verschidde Konferenzen um Programm.

Op deenen zwee Deeg kënnen d'Elteren och direkt d'„Demande d'admission" fir hir Kanner deposéieren. Op der Plaz si selbstverständlech d'Professeren, d'Educateuren, Spezialisten a Membere vun der Direktioun, déi mat Freed Ried an Äntwert stinn.

### Zum Lycée

De Lycée Ermesinde ass iwwregens en ëffentlechen, autonome Lycée, zu deem och en Internat gehéiert. D'Léierpersonal sétzt alles drun, am Intérêt vun de Schüler ze handelen, hir Talenter ze erkennen a se sou richteg ze orientéieren an ze ënnerstëtzen. Dës pädagogesch Approche huet sech iwwert déi lescht Jore bewährt: Excellent schoulesch Resulter am Cycle supérieur konnte verzeechent ginn.

SIM

**All weider Informatiounen ënner www.lem.lu**

Lëtzebuerger Journal 21.01.2014